




MAGAZINE OFFICIEL DE L'ASSOCIATION  
NATIONALE DES INFIRMIÈRES  
ET INFIRMIERS DU LUXEMBOURG

April 2021

# ANILnews

## Titre soins palliatifs

Säiten 26-32



PERIODIQUE



Envois non distribuables à retourner à:  
L-3290 BETTEMBOURG

**PORT PAYÉ**  
**PS/506**



# La résistance antimicrobienne, un problème mondial

Les plaies qui ne cicatrisent pas constituent un problème majeur pour les systèmes de santé du monde entier.

**Objectif du traitement des plaies :** obtenir les meilleurs résultats cliniques en créant des conditions de cicatrisation des plaies optimales et en offrant une protection antimicrobienne.<sup>1</sup>

## Cicatrisation des plaies optimale avec Flaminal®

- ✓ Activité bactéricide rapide du système enzymatique<sup>3</sup>
- ✓ Activité antimicrobienne à large spectre du système enzymatique<sup>2,3</sup>
- ✓ Non cytotoxique<sup>3</sup>
- ✓ Débridement et élimination des tissus nécrotiques<sup>4</sup>
- ✓ Gestion de l'exsudat des plaies<sup>4</sup>
- ✓ Risque minimal de résistance antimicrobienne<sup>1</sup>



Plaies à exsudat léger à modéré

Plaies à exsudat modéré à élevé

**FORMATION  
PERMANENTE  
EN SOINS DE PLAIES**

**E-LEARNING  
ACCREDITÉ**



[www.flenhealth.com](http://www.flenhealth.com)

CE 0344

### References

1. Gottrup F, et al. EWMA document: Antimicrobials and non-healing wounds – Evidence, controversies and suggestions. J Wound Care. 2013, 22 (5 suppl.):S1-S92
2. Vandenbulcke K., et al. Evaluation of the antibacterial activity and toxicity of 2 new hydrogels: a pilot study. Int J Low Extrem Wounds 2006,(5): 109-114
3. De Smet K, et al. Pre-clinical evaluation of a new antimicrobial enzyme for the control of wound bioburden. Wounds. 2009, 21(3): 65-73
4. Jones J, et al. TIME to assess wounds- a Clinical evaluation of Flaminal. Wounds UK. 2018, 14(3):63-73

# SOMMAIRE

## Edito

Marie-France LIEFGEN **1**  
Vizepräsidentin vun der ANIL  
Vice-président de l'ANIL

## Actualités de l'ANIL

Neien Member am Comité: **3**  
Coryse Gonderinger

Neien Member am Comité: **5**  
Laurent Noesen

Prix Anne Beffort attribué **7**  
par la Ville de Luxembourg à l'ANIL

Wa mir en eidelt Blat hätten, ... **9**

Mir hun awer keen eidelt Blat, ... **11**

Nos activités à venir **14**

## Actualités professionnelles

Carte Blanche: Begleedung vun **17**  
der Famill als wichtegen Deel  
vun enger professioneller Fleeg

Diskussiounen zur Impfflicht **19**  
fir d'Gesondheetspersonal.  
Den Toun mëscht d'Musek!

Schnelltests - Zertifizierung **21**  
Ein Update

Tests rapides - certification **21**  
Une mise à jour

Douleur chronique: une mise à jour **23**

Den «Titre de soins palliatifs» **26**  
Wéini, fir wien a firwat e wichteg ass

Le «Titre de soins palliatifs» **30**  
Quand, pour qui et pourquoi  
il est important

## ANIL News

Magazine officiel de l'Association Nationale  
des Infirmières et Infirmiers du Luxembourg  
Editeur responsable: ANIL - Association Nationale  
des Infirmières et Infirmiers du Luxembourg  
B.P. 1184 - L-1011 Luxembourg

### Secrétariat de l'Anil:

Tél.: 49 58 09 - Fax: 40 85 85  
e-mail: anil@anil.lu · www.anil.lu

### Comité de rédaction:

Anne-Marie Hanff, Marie-France Liefgen,

Photos: ANIL, istockphoto

Impression: Imprimerie Heintz, Pétange

**Avis:** La reproduction, même partielle, des articles  
du magazine Anil News est interdite sans autorisation  
préalable. Les articles publiés n'engagent que la  
responsabilité de leurs auteurs.

# Vorwort

Seit der letzten ANIL NEWS, gab es Vorwärts- und Rückwärtsströmungen. Der Premierminister hatte versprochen, dass die Entscheidung betreffend die Bachelor Ausbildung zum Krankenpfleger Ende Februar im Regierungsrat getroffen würden. Wir mussten bis Anfang Mai auf diese Entscheidung warten, mit der Ankündigung, dass die aktuelle BTS Ausbildung betehen bleiben würde.

Trotz der Diskussion über die Petition für die Bachelor Ausbildung, die durch einen Studenten im letzten Ausbildungsjahr, ausgelöst wurde, begleitet von einer Manifestation aller Vereinigungen von Krankenpflegerberuflern und der Gewerkschaften, blieb Minister Meisch bei seiner Entscheidung, die Ausbildung auf BTS Ebene beizubehalten.

Mitte Juni fand eine Anhörung der betroffenen Berufe im Gesundheitsausschuss der Abgeordnetenkammer statt, welche die Diskussionen bis jetzt jedoch nicht vorangebracht hat, obwohl ALLE politischen Parteien die Vorschläge der ANIL Ende 2020 - Anfang 2021 voll unterstützt haben.

Die Schwäche des Krankenpflegeberufs in Luxemburg ist unter anderem darauf zurück zu führen, dass mehr als 2/3 der Krankenpfleger, die in Luxemburg arbeiten, jeden Tag aus dem Grenzgebiet kommen. Mindestens die Hälfte von ihnen hat in seinem Heimatland einen Bachelorabschluss, der in Europa anerkannt ist - dessen Anerkennung jedoch in Luxemburg niemals beantragt und bezahlt wurde. Wir bedauern, dass viele unter ihnen noch kein Mitglied unseres der ANIL sind, welche die Interessen der Krankenpfleger und somit die der gepflegten Menschen in Luxemburg vertritt und sie bei der Beantragung der Anerkennung ihres Bachelordiploms unterstützen könnte.

Dies ist eine spezielle Situation: wenn es einem Land nicht gelingt seine eigenen Krankenpfleger auszubilden, ist es wichtig zusammen zu arbeiten - für eine bessere Pflegequalität für jeden gepflegten Menschen.

Motivieren Sie Ihre Kollegen - nur zusammen sind wir stark!

**Marie-France LIEFGEN**  
Vizepräsidentin vun der ANIL

# Préface

Depuis le dernier ANIL NEWS, il y a eu du mouvement et des contre-mouvements.

Le premier ministre avait promis que la décision du Bachelor passerait le Conseil de Gouvernement pour la fin février. Nous avons dû attendre début mai pour avoir l'annonce officielle d'un bachelor infirmier à partir de l'année scolaire 2023/2024 tout en maintenant le BTS infirmier actuel.

Malgré la discussion de la pétition pour le bachelor infirmier, lancée par un étudiant infirmier en dernière année, accompagnée d'une manifestation des associations professionnelles et des principaux syndicats, le ministre Meisch est resté sur sa décision de maintenir l'infirmier BTS.

Mi-juin a eu lieu un hearing à la Chambre des députés - Commission de la santé - qui n'a pas fait avancer les discussions, malgré que TOUS les partis politiques avaient soutenu les propositions de l'ANIL lors des entrevues fin 2020 - début 2021.

La faiblesse de la profession infirmière au Luxembourg réside dans le fait que plus de 2/3 des infirmiers travaillant au Luxembourg sont des frontaliers - dont au moins la moitié ont un bachelor infirmier dans leur pays, reconnu au niveau européen - qui n'ont jamais demandé la reconnaissance de leur diplôme au Ministère de l'Enseignement Supérieur. Malheureusement, beaucoup d'entre eux ne sont pas encore membre de l'association nationale qui défend les intérêts des infirmières et bien sûr ceux des personnes soignées sur tout le Luxembourg, et qui pourra les accompagner dans leur demande de reconnaissance du Bachelor.

Voilà une situation bien spéciale: si un pays ne réussit pas à former lui-même ses professionnels infirmier, il est primordial d'agir ensemble - pour une meilleure qualité de soins au profit de chaque personne soignée.

Motivez vos collègues - ensemble nous serons forts!

**Marie-France LIEFGEN**  
Vice-président de l'ANIL



## Envie de rejoindre une équipe dynamique et professionnelle ?

### **Infirmiers (m/f/d), le réseau Help a besoin de vous !**

En intégrant Help, vous rejoindrez une équipe dynamique et professionnelle, à l'écoute, respectueuse et engagée chaque jour pour apporter les meilleures réponses aux besoins des clients.

Le réseau Help vous proposera un parcours de formation pour favoriser votre développement individuel tout au long de votre carrière.

**Rejoignez-nous !**  
**T. 26 70 26 - [www.help.lu](http://www.help.lu)**

**help**<sup>♥</sup>  
All Dag ass e gudden Dag

# Neien Member am Comité: Coryse Gonderinger



**M**äin Numm ass Coryse Gonderinger, sinn 33 Joer al an sinn Infirmière en soins généraux. Ech hunn Formation vum BTS - Infirmier en soins généraux 2015 ofgeschloss an schaffen säitdeem an engem Service de Chirurgie Générale.

Virun menger Ausbildung zur Infirmière hunn ech eng Bürosaar-becht ausgefouert an hunn en Diplôme de fin d'études. Leider konnt een domat awer net direkt an déi aktuell Infirmiersausbildung eraklammen, wat natierlech schued ass.

Dofir well ech mech asetzen datt do eng Méiglechkeet geschafft gëtt.

Mir ass et immens wichtig den Patient als Ganzt ze gesinn an eng zilgeriichten an ganzheetlech Prise en charge ze plangen an ze gewährleeschten.

Ech hunn mech bei der Anil gemellt, an éischer Linn fir hinnen Merci ze soen fir den Engagement fir eisen Beruff an doropshin hunn ech mech och gemellt fir matzeschaffen.

Ech well dozou bäidroen eisen Beruff no baussen méi attraktiv ze maachen, sief et um Niveau vun der Ausbildung wéi och aktuell dobaussen um Terrain. Et gëtt nach vill ze dinn. Den Encadrement vun den Schüler an Studenten ass mir immens wichtig fir si weider ze motivéieren an ze ënnerstëtzen d'Formation fäerdeg ze maachen.

Enner anerem mussen mir zesammen drun schaffen datt den Beruff an der Gesellschaft nach méi wäertgeschätzt gëtt an och datt Ausbildung endlech den akademischen Niveau kritt.

Mir ass et wichtig datt Infirmière hiren Rôle propre behält an deen och laut den Attributiounen kann ausféieren ouni iergendwann zu engem simple Exécuteur ze ginn.

Mat mengem Engagement am Comité vun der Anil well ech meng Erfahrungen vum Terrain mat eran bréngen an d'Aarbecht vum Comité mat den Leit vum Terrain deelen.



## 23.09.2021 NETWORK CLINICAL NURSING SCIENCES LUXEMBOURG (NCNSL)

**Topic of the oral presentation / discussion:** Middle range theories and how they promote evidence based nursing.

**Presenter:** Nadine Jacqmin

**Where:** Combined presence- and online-format (depending on the sanitary situation)

**Language:** French, English. The language of our discussions will be adapted to the composition of the group.

The ICN code of ethics for nurses states that the nurse is active in developing a core of research-based professional knowledge that supports evidence-based practice. Performing this mission is impossible in the absence of the nursing sciences.

In January 2021 the Luxembourgish Nursing Association (ANIL) created the „Network Clinical Nursing Sciences Luxembourg“.

If you are interested in evidence-based nursing and willing to participate:

- to network and exchange with other professionals,
- to carry out nursing research projects,
- to meet potential cooperation partners,
- to share your skills and experience in the field of nursing research and science,
- to learn from others, ...

Then you are exactly right!

**Interested to join the movement? Then register without obligation on [www.anil.lu](http://www.anil.lu)**






**elisabeth**  
am sozialen dingscht zu lëtzebuerg

## NOUS ENGAGEONS POUR NOS CIPA ET NOTRE MAISON DE SOINS

Évoluez et épanouissez-vous au sein  
d'un groupe engagé et dynamique.


Consultez nos offres d'emploi et postulez  
sur notre site Internet :

 **elisabeth.lu**






RÉSIDENCE OP DER WAASSERTRAP  
www.cipa-sanem.lu | +352 59 49 40 - 1

GEMENG  
SUESSEM

 CIPA  
RÉSIDENCE  
OP DER  
WAASSERTRAP

## A gudden Hänn.

   ENTREPRISE  
RESPONSABLE



## INVESTIR DE MANIÈRE DURABLE, C'EST BIEN INVESTIR.

**C'EST POURQUOI  
NOUS PROPOSONS UN  
LARGE CHOIX  
DE PLACEMENTS  
DURABLES.**

Contactez votre conseiller Raiffeisen  
pour plus d'informations.

**LA BANQUE QUI APPARTIENT  
À SES MEMBRES**

 **Raiffeisen**

Banque Raiffeisen, société coopérative

# Neien Member am Comité: Laurent Noesen



**S**alut,

Ech sinn de Laurent, hunn 37 Joër, sinn Papp a bestued.

Beruflech schaffen ech seit 2006 am Centre Hospitalier du Nord (CHdN), wou ech vill verschidden Erfaarungen konnt maachen.

Ech hunn an Servicer geschafft wéi Chirurgie, Intensivstatioun, Dialyse, Chef op der Kardio/Neuro/Méd.interne a sinn lo säit c.a 3 Joer Responsablen vun eiser Cellule «Documentation Professionnelle et Démarche de Soins».

Eise Büro ass zoustänneg fir eng professionnell Dokumentatioun, déi eng Fleegekcontinuitéit an eng Patientesécherheet garantéiert. Dobäi gëtt déi geleechte Arbecht valoriséiert a dengt och zur juristescher Ofsécherung. Zu eisen Aufgaben zielt dann och den Audit PRN ze maachen, deen fir d'Bestëmmung vun der Dotatioun mat verantwortlech ass.

Ech hunn den Infirmiersberuf duerch Zoufall geléiert, mee haut muss ech soen dat ech mech ganz mat mengem Beruf identifizé-

ieren. Ech gesinn et als een extrem villsäitegen, erausfuerdernden, zäitopwennegen, verantwortungsvollen an leider ënnerbewertenen Beruf.

Firwaat sinn ech an d'Anil gaangen: Ma als eischt muss ech gestoen dat et eichter iwwert eng kritech Ausso vis à vis vum Berufsverband zum Kontakt komm ass. No engem Gespréich mam Anne-Marie Hanff war mir kloer, dass ech net nemme kritiséiere, mee och eppes erreeche wëll. Dodurech sinn ech Member a virun kuerzem an den CA vun Berufsverband gewielt ginn.

Duerch den Kontakt mam Terrain, wéi och meng Berufserfahrung kann ech mech vill abréngen, besonneg bei Sujeten wéi Dotatiounen, Dokumentatioun, IT an der Fleege, Professionalisatioun, Ausbildung, etc ... Fir awer och eppes kënnen ze beweegen ginn Ideeën alleng nët duer. Do brauch een Léit déi zesammenschaffen fir dëss Ideeën am Sënn vun eisem Beruf kënnen emzesetzen.

## INTÉGREZ UNE ENTREPRISE JEUNE, DYNAMIQUE & EN PLEINE EXPANSION



SOINS À  
DOMICILE 24/7



RÉSIDENCES  
SENIORS



FOYERS  
DE JOUR



NUETS  
PÄIPERLÉCK



LITS DE  
VACANCES

Découvrez notre Réseau sur

[www.paiperleck.lu](http://www.paiperleck.lu)



24 25

Afin de renforcer nos équipes, Pâiperléck recherche pour ses différents sites les profils suivants :

- Infirmiers (m/f)
- Infirmiers en Soins Palliatifs (m/f)
- Aides-soignants (m/f)

Faites-nous parvenir votre dossier de candidature à

[recrutement@paiperleck.lu](mailto:recrutement@paiperleck.lu)

**Pâiperléck**

S.à r.l.

Aides et Soins à Domicile - Résidences Seniors







**verbandskëscht**  
Soins & aides à domicile

[www.vbk.lu/jobs](http://www.vbk.lu/jobs)




**JOIN THE TEAM**  
#Teamverbandskëscht

24/24



Fleeg doheem



Hëllef am Alldag



Fleeg amCabinet



Wonnefleeg



**26 36 26 02**

[www.vbk.lu](http://www.vbk.lu)



# Prix Anne Beffort attribué par la Ville de Luxembourg à l'ANIL

Le Prix Anne-Beffort est attribué depuis 2003 par la Commission pour la promotion de l'égalité des chances de la Ville de Luxembourg pour récompenser les initiatives en matière d'égalité des chances entre les sexes.

Ce prix 2020 a été officiellement remis à l'ANIL le 8 juillet 2021 représentativement pour toutes les professions soignantes pour leur engagement exemplaire pendant la pandémie et pour rendre visible le déséquilibre flagrant femmes / hommes dans ces professions. Une troisième raison d'attribuer ce prix à l'ANIL consiste à la valorisation du travail quotidien de tous ces professionnels, travail souvent sous-estimé dans la société.

L'ANIL tient à remercier la Commission pour la promotion de l'égalité des chances de la Ville de Luxembourg d'avoir honoré le travail soignant par l'attribution de ce prix en honneur à toutes les professions soignantes.

Anne Beffort, née en 1880 à Luxembourg, était la première femme luxembourgeoise ayant réussi à faire un doctorat. Après neuf années scolaires, elle suivit trois années de cours supérieurs chez les religieuses de Ste Sophie, car à l'époque il n'existait pas d'enseignement secondaire ouvert aux jeunes filles.

À l'âge de 20 ans, elle commença à travailler comme enseignante à l'école primaire pendant six années. Ensuite, elle absolvait un an d'études universitaires en Allemagne, avant de s'inscrire à la Sorbonne pour y passer son doctorat en lettres.

En 1909, les premières classes de l'enseignement secondaire pour jeunes filles étaient mises en place par Aline

Mayrisch - de St. Hubert, qui recruta Anne Beffort comme enseignante pionnière dans cette structure libérale, qui deviendra plus tard le Lycée de Jeunes Filles et qui est actuellement connu comme Lycée Robert Schuman.

Sur base de son expérience personnelle, sa persévérance de vouloir suivre des études universitaires en tant que femme à cette époque et son engagement pour la formation supérieure des jeunes filles, étaient hors du commun et ont mis les fondements pour l'égalité entre les genres.

Pour obtenir un changement, il faut s'investir toujours et se battre parfois.

Pour l'ANIL, un challenge similaire est à l'ordre du jour:

- le nombre d'hommes dans la profession infirmière doit augmenter: selon les derniers chiffres publiquement accessibles, le pourcentage d'hommes se situe à peine à 18%,
- le nombre de femmes responsables dans les structures hospitalières et extra-hospitalières ( $\pm$  20% actuellement) doit atteindre le quota masculin,
- la formation au niveau bachelor pour l'infirmier en soins généraux et au niveau master pour les spécialisations, tant défendu par la profession et les associations doit être défendue par tous les moyens.

Ensuite, nous pourrions parler d'émancipation dans les deux sens.

**Marie-France LIEFGEN**  
Vizepresidentin vun der ANIL



©Photothèque de la Ville de Luxembourg



avec  
Blood Sugar  
Mentor™

## Aidez vos patients à recevoir une guidance en temps réel et des astuces pratiques

Le nouveau lecteur de glycémie OneTouch Verio Reflect® est équipé

d'un **Indicator Dynamic d'Objectif ColourSure®** qui aide les patients à **comprendre** quand leur résultat est élevé, bas ou dans l'objectif, ou s'approche d'une valeur haute ou basse, afin qu'ils puissent agir avant de dépasser leur objectif.

et d'une fonction **Coach de Glycémie\*** qui offre aux patients une **guidance personnalisée**, de la **compréhension**, et de la **motivation** pour qu'ils puissent agir afin d'**éviter des hypos-** et **hyperglycémies**.

Les décisions concernant le traitement doivent être basées sur le résultat numérique

Contactez le Service à la clientèle OneTouch au **800 25749** ou visitez **OneTouch.lu**

\* Blood Sugar Mentor™

© 2020-2021 LifeScan IP Holdings - GL-VRF-2000026 - BE-VRF-2100001





## Wa mir en eidelt Blat hätten, ...

**D**es Ausso vum Claude Meisch vis-à-vis vum Berufsverband vun der Infirmiëren an Infirmieren (ANIL) am Dezember 2020 schéngt mir weit fort vun der Realitéit.

An eiser Zäit gëtt et net mi vill wäiss Blieder.

Wat mir brauche fir eppes ze änneren sinn Wäitsiicht, Fachwëssen an Zivilcourage, dëst si Kompetenzen, déi verschidde Politiker leider net mi hunn, och net an hirem Beroderkrees.

Och 1967, Joer vun der Gebuert vum haitegen Infirmier, gouf et kee wäisst Blat - mä säit Joerzénngten e „garde-malade“ mat enger Ausbildung vun 2 Joer. 1967 huet eis Politik et färdech bruecht eppes ganz Neies anzeféieren: de Beruff vum Infirmier, deen d'Aarbecht vum „garde-malade“ ersat huet, dëst ënnert enger CSV / LSAP-Regierung. Des Ännerung war während engem Véierelsjoerhonnert vu grousssem Erfolleg begleet. Vu 1970 bis 1995 war de lëtzebuurger Infirmiersdiplom en Diplom, dee mat der éischter europäescher Directive iwwert d'professions réglementées 77/452/EEC zu 100% konform war. Déi Zäit war de Beruff nach eng «profession paramédicale», wat leider joerzénngtelaang och esou gelieft gouf - den Dokter huet decidéiert, d'Infirmière huet ausgefouert - obwuel d'Fleeg déi Zäit och schonn an der Gesetzgebung e ganz groussen eegestännege Verantwortungsbereich hat.

1992 sollt eng nei Reform vum Beruff gemaach ginn, mat engem Ofschloss als Bachelor, wéi dat a villen aneren europäesche Länner deemools schonn de Fall war. Leider ass des Weiderentwécklung vum Infirmiersberuff ënnert enger CSV/LSAP Regierung net zustane komm. Wat huet deemools geännert: d'Formation vum Infirmier ass vum Ministère de la Santé bei de Ministère de l'Education Nationale gewiesselt, d'Schüler kruten zousätzlech zum Infirmiersdiplom hiren Diplôme de fin d'études secondaires techniques. D'Endresultat vun der Reform war eng duebel Katastroph: d'Formation war net méi konform mat der Directive européenne, déi seit 1977 a Kraaft war, well méi wéi 1000 Stonne Formation gefeelt hunn, vun den enseignéierte Stonne ware se laang net mi all „purement professionnel“, an eng Partie Schüler kruten hiren Infirmiersdiplom net, well se am „Bac technique“ an engem Sproochefach duerchgefall sinn - obwuel se ganz gutt am professionellen Deel vun hierer Formation ofgeschnidden hatten.

Während iwwer 10 Joer huet Lëtzebuerg Infirmieren ausgebild, déi net konform zur neier europäescher Directive vun 2005 waren. 2007 hunn ech mat der ANIL eng Plainte bei der europäescher Kommissioun gemaach, an doropshin huet Lëtzebuerg d'Infirmièresformatioun missen upassen. Ënnert enger CSV/ LSAP Regierung sinn aus 3 Joer 4 Joer ginn (12<sup>e</sup> - 15<sup>e</sup>) mat engem Bac technique op der 13<sup>e</sup> an engem Ofschloss BTS Infirmier (Brevet de technicien supérieur). Och des nei Versioun vun der Formation war net zefriddestellend:

praktesch 2/3 vun de Schüler hu no der 13<sup>e</sup> opgehale fir eppes aneshtes ze studéieren - si hate jo elo e Bac technique. Déi Schüler, déi di hier Infirmièresformatioun färdech gemach hunn, hate keng Méiglechkeet, sech an hirem Beruff am Ausland akademesch weiderzubilden, well si hate jo kee Bachelor, wéi et entretremp an denen meeschten aner europäeschem Land de Fall war.

Elo, 2021 sti mer erëm op engem Wendepunkt, dëst ënnert enger DP/LSAP/ Déi Gréng Regierung. Fir elo di richtig Entscheedung ze huelen brauch et Know-how aus dem Gesondheetswiesen a wéi ëmmer bei esou weitgreifenden Entscheedungen och Zivilcourage als Regierung.

All Parteien, all Gewerkschaften an all Berufsverbänn sinn sech eens - d'ANIL huet säit September 2020 mat all Partei, Gewerkschaften an Associatiounen geschwat - an alleguer sinn d'accord, dass den Infirmiersberuff muss akademiséiert ginn, wéi et säit laangem scho bei 95% vun allen anere Gesondheetsberuffer de Fall ass.

Mir brauchen hei zu Lëtzebuerg eng eenzeg Zort «Infirmier en soins généraux», konform zur europäescher Directive vun 2013 an zwar op Bachelor Niveau, mat neien, reglementéierten Attributiounen, déi och deementspreechend bezuelt ginn.


Mir müssen alle Leit, déi am Fleegemilieu wëlle schaffen, eng Méiglechkeet vu Passerellen vun engem Beruff an deen aneren ubidden: vum Aide-socio-familial op den Aide-soignant, vum Aide-soignant op den Infirmier, a wann den Infirmier e Bachelor huet, stinn dono all Méiglechkeeten op fir weider e Master a verschidene Sparten an dono, fir deen dee wëllt och nach en Doktorat ze maachen.

Wat mir absolut net brauchen: verschidene Zorten vu Infirmierspersonal, esou wéi den Educationministère sech dat virstellt: en Infirmier BTS, en Infirmier Bachelor, en Infirmier Bachelor «Plus», en Infirmier Master, a wëll et esou präisgëschteg ass och nach en Infirmier spécialisé, deen no sengem 1te BTS (Bac +2) oder Bachelor (Bac +3) dann och nach 2 Joer mécht fir seng Spézialisatioun als Infirmier spécialisé nees op Bachelor Niveau (Bac +3) ze maachen.

D'Iwwerleeunge vum Minister Meisch an sengem Team sinn der Realitéit vun de Besoinen vun de schaffende Leit, hirem Potential a vun eiser haiteger Gesellschaft net ugepasst.

Als liberale Politiker muss hien sech bewusst sinn, dass all Mënsch e Recht op Weiderentwécklung huet, dass d'Formatiounen an engem Bereich deementspreechend müssen opgebaut sinn. Laut Pressecommuniqué ass et dem Här Meisch an der Madame Cahen bewusst, dass den Infirmiersberuff an enger permanenter Evolutioun ass an dass dës Beruff (wéi di aner Fleegeberuffer och) net an engem bestëmmte Wëssen oder a spezifeschen Akten figéiert ass. Di lescht Méint





## Duerchgängegen an transparenten Formatiounssystem

hätte gewisen, dass eis Gesondheet an déi vun eisen Nächsten eng absolut Prioritéit ass. Dofir misste mir an d'Qualitéit investéieren.

Fir d'ANIL bedeit des Qualitéit folgendes: eng Duerchgängegkeet vum Aide-socio-familial bis hin zum Infirmier:

- En Aide-socio-familial schléisst seng Formatioun mat enger 9<sup>e</sup> of an hie kann dono eng Ausbildung en cours d'emploi als Aide-soignant machen
- En Aide-soignant misst mat enger 13<sup>e</sup> ofschléissen, fir dass hien, wann hien dat wëllt, dono séi Bachelor Infirmier en soins généraux ka maachen. Et wier zimlech einfach den Aide-soignant, op dee Niveau ze hiewen a mat aktualiséierten Attributiounen auszustatten, fir dass d'Formatioun och der Verantwortung vun dësem Beruf gerecht get
- Fir den Infirmier därf et nach just een Ausbildungswee ginn: no enger 13<sup>e</sup> soll hien de Bachelor Infirmier en soins généraux maachen, an zousätzlech Attributiounen kréien. All déi, di hiren Diplom virun der neier Gesetzgebung gemach hun, kréien d'Méiglechkeet dësen Diplom no ze maachen, oder si maachen hire Beruff esou weider ewéi bis elo, bis den alen Diplom «ausgelaf» ass. Och dat ass et scho mat verschiddenen Carrièren hei ze Lëtzebuerg ginn.
- Nom Bachelor Infirmier gëtt et d'Méiglechkeet vun enger Weiterbildung: als Infirmier en pédiatrie, en psychiatrie, en anesthésie, en réanimation, als assistant en chirurgie, als infirmier de pratique avancée a verschiddene medezinesche Spezialitéiten, a sécher och nach an aner Domainen - an dëst, esou wéi den Traité vu Bologna dat virgesäit op engem Master Niveau.
- Wann eng Infirmière sech no hirem Master nach wëll weiterbilden, soll si zu Lëtzebuerg oder am

Ausland d'Méiglechkeet hunn en Doktorat maachen ze kënnen.

An et ass genau dat wat d'ANIL revendiquéiert.

Wéi et aus dem Schema ersichtlech ass, huet d'ANIL sech och Gedanken iwwert all di aner an der Fleeg implizéiert Beruffer gemaach - jidderee soll sech kenne weiderentwéckelen.

Vläicht kann eis lëtzebuurger Uni de Studiegang (Infirmier en soins généraux och op zwou Sproochen ubidden - esou krite mer iergendwann genuch Infirmierspersonal wat zu Lëtzebuerg ausgebild gëtt.

Och wann d'Blat net eidel ass, kënne mir als Gesellschaft viles verbessern. Wien ass besser placéiert wéi d'Leit aus dem Milieu fir dorop di richtig Äntwerten ze ginn – an déi gi leider net ëmmer gefrot. An wann se gefrot ginn, huet hier Meenung bei den Decisiounen oft net dee Stellwäert, deen si misst hunn. Esou wéi dëst bei der Reformproposé elo och den Fall ass.

Wéi d'Ministesch Lenert sot: den Infirmiersberuff brauch spezifesch technesch Kompetenzen am Kader vun de medezinesche Behandlungen, genau esou wéi eng Expertise an der Fleeg - a genau dofir setzt d'ANIL sech an.

Als Associatioun, als Bierger an als ganz Gesellschaft hu mir alleguer eng grouss Verantwortung fir déi Mënschen, déi mir fleegen an och fir all déi Mënschen déi an der Fleeg schaffen, fir dass d'Qualitéit vun der Fleeg geséichert a verbessert ka ginn.

### Marie-France LIEFGEN

Vizepresidentin vun der ANIL (Association Nationale des Infirmiers du Luxembourg)

Formatrice seit 2005 bei Omega 90 am Palliative Care

Professeure infirmière vun 1984 - 2005 am LTPS (Lycée Technique pour Professions de Santé)

# Mir hun awer keen eidelt Blat, ...


## Eng Analyse vun der aktueller respektiv proposéierter Situatioun vun den Ausbildung vum de Gesondheetsberuffer zu Lëtzebuerg

### All Gesondheetsberuffsausbildung soll unerkant an transparent sinn.

D'Gesellschaft huet e Recht op transparent Informatiounen iwwer d'Formatioun an d'Kompetenzen vun de Gesondheetsberuffer. Déi jonk Leit hun e Recht op eng Ausbildung, déi un d'Fuerderungen vum Terrain ugepasst ass an op en duerchgängege Ausbildungssystem, wou jiddereen seng Chance huet.

Nom an trotz dem Protestpiquet virun der Chamber den 1. Juni dest Joër, hält den Edukationsminister un séngem Schema fir d'Reform vun de Gesondheetsberuffer fest.

Et leit mir vill drun, op d'Ënnerscheder hinzeweisen tëscht deem Schema vum Edukatiouns- an Héichschoulministär an der Propos, déi d'Gesondheetsberuffer selwer ausgeschafft hunn. (op der Seit 5). Dofir hei eng Analyse vum proposéierte Schema vum Edukatiouns- an Héichschoulministär.



1 Den Aide-socio-familial ass e Beruff, deen 1999 - wéi d'Fleegeversécherung zu Lëtzebuerg agefouert gouf - kreéiert ginn ass. En ass e wichtege Bestanddeel vun der alldéeglecher „Prise en soins“ vun eisen eeleren a kranke Leit ginn. Leider sinn d'Bedingungen fir d'Formatioun an d'Ausübung vun dësem Beruff no iwwer 20 Joer nach ëmmer net ausgereift:

- des Ausbildung gëtt duerch de Familjeministär gesteiert,
- am ganzen Organigramm vum Edukatiounsministär existéiert des Ausbildung net, also och net am lëtzebuerger Schoulsystem, d'Formatioun schléisst deemno net mat engem Diplom vum Edukatiounsministär of,
- dese Beruff ass net an deemselwechte Mooss unerkant wéi déi gesetzlech geregelt Gesondheetsberuffer,
- ier een des Ausbildung iwwerhaupt ka maachen, muss een 2 Joer als „aide-socio-familial en attente de formation“ schaffen, a schonn all dat maachen, wat een no der Formatioun maachen soll,

- den aide-socio-familial ass kee Gesondheetsberuff entsprechend dem Gesetz iwwer d'Gesondheetsberuffer vu 1992, an d'Beschreibung vun sengen Tätigkeeten ass net durch dëst Gesetz bestäetgt, obwuel den aide-socio-familial vill „Akten“ mécht, déi verschidde Gesondheetsberuffer per Gesetz virbehale sinn,
- awer oni des Leit giff eise System vun der Fleegeversécherung zesummebrechen.

Hei stellen sech vill Froen, déi bis elo nach net oft öffentlech gemach goufen.

Ganz vill vun dese Leit leeschten eng gutt Aarbecht - awer de Wee dohinner grad wéi d'Gegebenheeten an der Praxis sinn a Fro ze stellen. Als Gesondheetsberufferin muss ech leider déi Aarbecht, déi si all Dag am „Gesondheetsmilieu“ oder misst e vleicht soen am „Familjemilieu“ - obwuel de „Bénéficiaire“ deeseweichten ass (Maisons de soins / CIPAs a soins à domicile) musse leeschten a Fro stellen am Sënn vun: wéi eng Akten maachen si all Dag, zu deenen si iwwerhaupt net berechtigt sinn? Wien ass am Zweifelsfall verantwortlech fir déi eigentlech „ille-

gal" Tätigkeiten an hier eventuell Suiten? Gëtt den ASF net munchmol eleng gelooss mat Situatiounen, fir déi hien net bestëmmt ass?

Wisou kënnen des Leit – déi oft «Quereinsteiger» sinn, net

1. hir Formatioun am normale Schoulsystem ugebuede kréien?
2. als Gesondheetsberuffer an d'Gesetzgebung opgeholl ginn - an dëst mat enger klorer Beschreibung vun deem, wat si dierfen a musse maachen a mat enger klorer Ofgrenzung zu deenen anere Berufsgruppen, sou dass jideree fir seng Akten responsabel ass?

Dass den Certificat vum Aide-socio-familial Zougang zur Ausbildung als aide-soignant gëtt, ass eng gutt Saach. Dat soll och weiderhin esou bleiwen.

- 2 Den Aide-soignant ass laut 92er Gesetz e Gesondheetsberuff. Am Joer 2002 (viru bal 20 Joer) krut den Aide-soignant per Gesetz nei Attributiounen, déi hie leider nach laang net iwwerall dierf ausféieren, wëll d'Bedingungen net ëmmer kloer genuch sinn. Esouwuel fir dese Beruff, dee jo gesetzlech gereegelt ass, wéi och fir eis Gesellschaft, wier et wichteg, dass den Aide-soignant déi Attributiounen, déi hie per Gesetz huet, och dierf ausféieren. Dofir missten e puer Passagen vum Règlement grand-ducal vum Aide-soignant e wéineg geännert ginn fir méi verständlech ze ginn an esou d'Kompetenzen wéi d'Responsabilitéit par rapport zu aanere Gesondheetsberuffer (an dësem Fall den ASF an den Infirmier) deitlech ofzegrenzen (aaner Argumenter ennert dem Punkt 3)
- 3 Den Edukationsministär wëllt en Technicien de soins aféieren. Dese Beruff hätt dann e Joer Ausbildung méi wéi den Aide-soignant. En zousätzleche Beruff bréngt zousätzlechen Duercherneen an di schon vielfälteg Fleegerberuffer. Eng kloer Aentwert op folgend Fro kinnt d'Léisung sinn: firwat net dem Aide-soignant, deen eng gutt Ausbildung huet, eventuell nei Attributiounen ginn a seng Formatioun 1 Joer mi spéit ufänken oder seng Formatioun em 1 Joer verlängeren, fir dass hie mat enger 1<sup>ière</sup> ophält an dono och nach ka weiderléieren - egal a wat fir eng Richtung. De Beruff vun engem Technicien de soins ass total iwwerflësseg: hien ass wuel kaum vun deenen anere fleegeresche Gesondheetsberuffer (also ASF, AS, Infirmier) ofzegrenzen an degradéiert den aktuellen Aide-soignant. De Numm ass gutt gewielt an den Aide-soignant soll duerch eng verbessert Formatioun desen Titel kréien - mat der Méiglechkeet, dass di aktuell Aide-soignants iwwer formation continue och desen Titel kënnen kréien.
- 4 Den Infirmier BTS ass geschaaf ginn, nodeems d'Europäesch Kommissioun Lëtzebuerg gezwongen huet, d'Infirmièresformatioun un di europäesch Direktive unzepassen, no enger Plainte vu Bleser / Liefgen (ANIL) am Joer 2007. D'Resultat ass enttäuschend: wann een Zuele kuckt vun deene leschte Joeren, dann

halen 2/3 vun de Schüler nom 2te Joer op - dann hu si hire BAC. Dono kënnen si eppes anescht léieren/studéieren. Nëmme 1/3 vun de Schüler maachen dono tatsächlech hieren Infirmiersdiplom (BTS) - an dat ass ee vun de Grënn vun der Pénurie an dësem Beruff.

- 5 Zënter bal 20 Joer waart den Infirmiers-Beruff op eng Akademiséierung, déi jo an deene meeschte Länner vun der EU eng Selbstverständlechkeet ass. D'Gläichstellung mat deene Länner ass dann och ee vun de Grënn, firwat Lëtzebuerg sech soll upassen, wëll aktuell sinn vill weider Studien am Ausland fir eis Infirmiëren net zougänglech, wëll si keng Héichschulstudien (Bachelor) kënnen nowiesen. Deen anere Grond ass d'Unerkennung vun de Fuerderungen, déi un de Beruff vun der Infirmière gestalt ginn: d'Suerg fir de kranken a schwache Mënsch, dee net nëmme kommunikativ Kompetenzen verlangt, mä och eng zolid wëssenschaftlech Formatioun. Di aktuell Reform-Propose vun der Regierung vun enger Infirmières-Formatioun um Niveau Bachelor ass deemno e wichtegen an dee richtege Schrëtt fir eng „qualitativ héichwärtig“ Fleeg, wéi DP dat an hirem DP Magazin ukënnegt. Viru baal 30 Joer ass schon iwwert esou eng Opwärtung vum Beruff geschwat ginn - geschitt ass leider näischt. Et ass héich Zäit datt et elo gemaat gëtt an datt all Infirmier mat engem Bachelorabschluss beim kranken oder ale Mënsch „um Bett“ schafft - a net nemmen administrativ Arbechte mécht. Den Infirmier ass ee vun den Dréi- an Angelpunkte vum Gesondheetswiesen. Mat sengem Wëssen kann hie villes maachen fir datt et de Mënsche gutt geet, an hie kann och vill Komplikatoune vermeiden - virausgesat dass hien di krank Leit och oft genuch geseit an an der alldeeglecher Fleeg aktiv ass.
- 6 Den Infirmier „Plus“, esou wéi den Héichschulministère dat gesäit - dee brauch keen op engem BTS-Niveau. Wat maache mir mat engem BTS-Infirmier, deen no senger Ausbildung nach 1 zousätzleche Joer mécht an da méi dierf maache wéi e „normalen“ Infirmier? Wien hält all déi Beruffer da nach iergendwéi auserneen? Wéi soll do e Chef de service plangen kënnen? Wéi soll e Patient wëssen, wien do bei him ass?

Laut der europäescher Direktive gëtt et een eenzegen Infirmier en soins généraux. De Versuch, zu Lëtzebuerg erëm eng extra Zopp ze kachen, an en Technicien en soins (3) an en Infirmier Plus (6) anzeféieren, ass net wierklech ee Plus. Domat gëtt weder e Patron nach e Patient eens. Besser wär eng ordentlech Spezialisatioun op Master-Niveau, an da schwätze mir vun engem „Infirmier de pratique avancée“, dee mir och am Ausland fannen an deen effektiv méi Attributiounen an engem gewëssen Domaine huet an dofir och eng Partie Akte kann ausféieren, déi den Infirmier en soins généraux net beherrscht. E Bachelor Infirmier mat engem Joer „Plus“ kinnt en éischte Schrëtt an des Richtung sinn. Firwaart net direkt e Studiegang schaafen, dee



Bologna konform ass an deen och am Ausland unerkannt ass?

- 7 Dass een zu Lëtzebuerg eng Formatioun op Universitätsniveau kann a soll an der „Imagerie Médicale“ maachen, dat ass an der Rei - d'Uspréich un dëse Berufsstand ginn duerch Digitalisatioun an d'Fortschrëtt an der Medezin ëmmer mi grouss. Da brauch dëse Berufsstand awer och e Numm, deen un all di nei Ufuerderungen ugepasst ass. De Numm „Assistant technique medical de radiologie - ATM - Rx“ huet zënter 30 Joer eng kloer Bedeitung, déi net mat engem Bachelor Diplom gläichzesetzen ass. En Idi wier vläicht „Bachelor en Imagerie médicale“

Virun 20 Joer ass zu Lëtzebuerg d'Formatioun vum ATM de laboratoire ofgeschafft ginn - wier et net de Moment och dese Beruff mat an d'Iwwerléungen eranzehuelen an zu Lëtzebuerg unzebidden, mat engem Diplom als „Bachelor Laborantin“?

- 8 Den Infirmier spécialisé (infirmier en pédiatrie, infirmier en psychiatrie, infirmier en anesthésie et réanimation, assistant médical en chirurgie, a nach vläicht anerer, déi et am Moment nach net ginn wéi z.B. an der oncologie, an der gérontologie-gériatrie, an de soins palliatifs) op e normale Bachelor Niveau ze setzen ass net korrekt. Wann een e Bachelor infirmier en soins généraux no sengem BAC kritt, da kann et net sinn, dass een no engem BTS infirmier (BAC+2) nach 2 Joer muss maachen fir awer nemmen e Bachelor ze kréien. Ugepasst wier, dass een de Bachelor infirmier en soins généraux géif maachen an dann 2 Joer Spezialisatioun fir säi Master an engem bestëmmten Infirmiersbereich ze kréien. Dat wier zumindest emol conforme mat de Virgabe vun der Bolognaprozedur a koherent wat déi zousätzlech Ufuerderungen ugeet. Esou wéi den Edukatiouns- an Héichschoulministère des Formatioune geseit, hu si alleguer e gemeinsame Problem: d'Basisformatioun ass - genau wéi am Punkt 9 - bei der Hiewann - keen Infirmiersdiplom - a fir des Leit eng Saackgass, wann si net méi an dem Beruff schaffe wëllen.

- 9 Fir d'Hiewannen, ass e Bachelor och ubruecht. Di Iwwerléungen ennert dem Punkt virdru gëllen och fir dese Beruff - méi laang fir de selwechten Ofschloss an de Risiko vun enger Saackgass. Firwat et 4 Joer sinn am Plaz vun 3 (Bolognaprozedur) sief

dohigestallt. Wann d'Associatioun vun den Hiewannen dat fir ubruecht hält, soll dat mir als Infirmière gutt sinn. Fir mech perséinlech wier och eng Spezialisatioun op Master Niveau nom Bachelor Infirmier eng gutt Alternativ. D'Fro wéi eng vun deene zwee Méiglechkeeten besser ass, gétt allerdengs och an onsen Nopeschlänner net iwwerall op déiselwecht Manéier gesinn.

D'Thematik vun deene verschiddene Formatioune am Gesondheitssecteur ass aktuell ee groussen Thema.


Eng aaner Problematik, déi enk mat der Ausbildung verkneppt ass, ass d'Pénurie, déi sech zu Lëtzebuerg an deene leschten 10 Joer massiv verschlëmmert huet. Aktuell schaffen hei zu Lëtzebuerg eleng am Beruff vum Infirmier 66% auslännesch Infirmièren. Et wier Zeit, jonk Lëtzebuerger an desen interessante Beruff ze kréien, besonnesch elo, wou et d'Méiglechkeet vu Studien op Bachelor Niveau soll ginn.

### D'Recrutementscampagne vun Arméi a Police wier sëcher e gutt Beispill fir eng Recrutementscampagne fir d'Gesondheitsberuffer

All déi Iwwerléungen féiere mech dozou e Vergläch unzustellen. Ech kann nëmme begréissen, dass de Staat vill Suen an d'Police an och an d'Arméi investéiert. Ech zitieren nëmme d'Beispill vun dësen zwou Recrutementscampagnen, déi de lëtzebuerger Staat sech ganz vill kaschte gelooss huet. Dat sinn bekanntlech ganz wichteg Secteuren vum öffentleche Liewen. Datselwecht gëllt a mengen Aen och fir de Gesondheitssecteur, wou den Investissement eis alleguer - der gesamter Bevëlkerung an zwar all Daag zegutt kënnt. Dat war ville Leit och scho virun der Pandemie kloer. Wéini gétt endlëch eng Campagne gemaat fir Gesondheitsberuffer hei zu Lëtzebuerg ze recrutéieren?

### Dozou gehéiert och en transparenten an duerchgängegen Ausbildungssystem fir eis Gesondheitsberuffer.

Aus deem Grond brengen ech zum Ofschloss als Vergleich mam Schema vum Edukatiounsministär op der 1. Seit an als Alternativ nach eng Kéier d'Iwwersiicht vun de Formatioune, esou wéi all di professionell Associatioune an d'Gewerkschaften, déi den 1. Juni 2021 um Protestpiquet virun der Chamber am Cercle dobäi waren, d'Situatioun gesinn.



Duerchgängegen an transparenten Formatiounssystem

## Fënnef Kategorie vu Gesondheetsberuffer am Fleegeberäich wat brauche mir méi hei zu Lëtzebuerg?

### En **Aide-socio-familial**:

- e wichtege Beruff an eisem System, deen an d'Kategorie vun de Gesondheetsberuffer soll opgeholl ginn.
- hie soll an den Educatiounssystem integréiert ginn
- dese Beruff soll kloer gesetzlech Attributioune kréien. Et muss geklärt ginn, woufir hie verantwortlech ass a wien an der „Hierarchie“ fir hien Verantwortung dréit
- no sengem Ofschloss muss hie weiderhinn eng Carrière als Aide-soignant ustriewe kënnen.

### En **Aide-soignant**:

- seng Ausbildung soll opgewäert ginn, dat heescht e Joer méi Ausbildung (vir drun oder an sénger Ausbildung) also op enger aktueller 1<sup>ière</sup> ophalen, fir dass hien all Chancen huet weider ze studéieren respektiv seng Infirmièresformatioun ze maachen
- seng Tätigkeiten sollen ausgebaut a méi prezis formuléiert ginn, fir d'Kompetenzen an d'Verantwortung vun deem Beruff méi kloer vun deenen vun aneren Fleegeberuffer ofzegrenzen.

### Eng **Infirmière en soins généraux**

- si kritt eng gutt duerchduechte Formatioun op **Bachelor** Niveau an schafft dono beim Patient. Dest verhënnert vill Komplikatoune, déi fréizeitig kinnten erkannt ginn.
- nom Bachelordiplom kann all Infirmière entscheiden, ob si sech wëllt an engem Domän spezialisé-

ieren, sech fir den Enseignement oder de Management entscheiden, oder ob si nach weiderstudéiere wëllt, dat heescht:

### Weider Diplomer:

- all Infirmier misst hei zu Lëtzebuerg d'Méiglechkeet hunn nom Bachelor «Infirmier en soins généraux», eng Spezialisatioun op **Master** Niveau kënnen ze maachen.
- och d'Méiglechkeet vun engem **Doktorat** - zu Lëtzebuerg oder am Ausland, muss fir jiddereen, deen dat wëllt, méiglech sinn. D'Fuerschung ass wichtig, och am Flegesecteur.

Formatiounen «en cours d'emploi» fir Persounen, déi schonn am Berufsliewe stinn an sech wëllen ëmorientéieren, missten konzipéiert an ugebuede ginn, esou wi um Beispill vun der Aide-soignantsformatioun. Des Formatiounen missten un d'Bedingungen vun engem parallel ausgeübte Beruff ugepasst ginn, zum Beispill mat enger verlängerter Ausbildungsdauer.

**Alles dat ëmzesetzen ass eng Erausfuederung fir eis Regierung an eis Gesellschaft, well eng duerchgängeg an transparent Ausbildung vun de Gesondheetsberuffer - mat kloeren Handlungsbereicher an enger ugepasstener Finanzéierung - ass eng Noutwendegkeet fir d'Gesondheet vun de Mënschen.**

**Marie-France LIEFGEN**

Vizepresidentin vun der ANIL

Formatrice a Palliative Care bei Omega 90

Professeure Infirmière am LTPS vun 1984 bis 2005

**ANIL**

**Nos activités  
à venir**

## **Août 2021**

**29.08.2021** - 11th International Council of Nurses NP/APN

**01.09.2021** Network Conference

## **Septembre 2021**

**16.09.** Réunion Conseil d'Administration

**23.09.** Network Clinical Nursing Sciences Luxembourg (NCNSL)

**plus d'informations sur [www.anil.lu](http://www.anil.lu)**



**Machen Sie mit!**

**Participez!**

Möchten Sie ein Projekt/ einen Fachbeitrag zur beruflichen Praxis oder zur Pflegewissenschaft mit der luxemburgischen Gemeinschaft der Krankenpflege teilen?

**Kontaktieren Sie uns!** Gerne unterstützt die ANIL Sie dabei Ihren Beitrag mit Hilfe unserer ANIL NEWS zu verbreiten.

*Vous désirez de partager un projet/ article concernant la pratique professionnelle ou les sciences infirmières avec la communauté des infirmières et infirmiers au Luxembourg?*

**Contactez-nous!** L'ANIL est contente de vous aider à faire passer le message dans notre ANIL NEWS.

**Einreichfrist für Ihre Beiträge**

**Délais pour l'envoi des articles/**

- **April / avril:** 01.03.
- **September / septembre:** 01.08.
- **Dezember / décembre:** 01.11.



Du wëlls Mënsche mat enger Demenz begleeten a sichts eng nei Erausforderung? Du wëlls Deel vun engem innovativen multidisziplinären Team sinn?

D'ala, d'Lëtzebuerger Alzheimer Vereenegung, de Spezialist fir professionell Hëllef a Begleitung am Beräich vun der Demenz, sicht motivéiert Infirmièren an Infirmieren fir hir verschidde Strukturen:

- Am Hëllefs- a Fleegedéngscht doheem: CDI Deel- a Vollzäit
- Am Wunn- a Fleegeheim zu Ierpeldeng: CDI Deel- a Vollzäit
- Am Service Social et Coordination: CDI Hallefzäit
- Als Responsabel vum Foyer zu Dummeldeng: CDI Vollzäit

Méi Informatiounen fënns Du ënnert: [www.ala.lu](http://www.ala.lu)



association luxembourg  
alzheimer



**MONTEZ ET DESCENDEZ  
LES ESCALIERS TRÈS  
FACILEMENT**

Découvrez les monte-escaliers et les ascenseurs-maison de TK Elevator. **Renseignements et devis par téléphone au numéro : 40 08 96 ou par email : [luxembourg@tkelevator.com](mailto:luxembourg@tkelevator.com)**

[www.tkelevator.lu](http://www.tkelevator.lu)



# UN SEUL COMPTE eSANTÉ



## POUR PLUSIEURS SERVICES SANTÉ EN LIGNE

**Vous êtes  
professionnel de santé**  
et vous n'avez pas encore  
activé votre compte eSanté?  
Faites-le sans tarder!  
Avec le QR code ci-dessous  
ou sur [www.esante.lu](http://www.esante.lu)

Il vous donne accès à plusieurs services  
de santé en ligne, dont:

- le service DSP (Dossier de Soins Partagé)
- l'outil médecin référent
- le service de téléconsultation
- le remboursement accéléré  
des mémoires d'honoraires
- la messagerie sécurisée

Et dans le courant du 3<sup>ème</sup> trimestre 2021:

- d'autres services santé digitaux,  
dont l'ePrescription

**PLUS D'INFOS?**  
[helpdesk@esante.lu](mailto:helpdesk@esante.lu)



**UNE QUESTION?**  
**27 12 50 18 33**

AGENCE  
**eSanté**  
LUXEMBOURG

Agence nationale  
des informations partagées  
dans le domaine de la santé

# Carte Blanche

## Begleitung vun der Famill als wichtege Deel vun enger professioneller Fleeg

De Film «The father» mam Antony Hopkins weist androcksvoll, ewéi d'Kommunikatioun vu Mënsche mat enger Demenz verännert ass. Gespréicher iwwert Telefon sinn erausforderend, gläichzäiteg sinn d'Famillje manner present duerch d'Pandemie. Dobäi si si grad elo voller Onsécherheeten an op den Feedback vum Gesondheets- an Fleegepersonal ugewisen. Dëst ass zäitlech nach méi gefuerdert. Eng Situatioun, déi Konflikter unzitt.

Virun der Pandemie schéngt den Informatiouns-austausch oft da stattfonnt ze hunn, wann d'Famill vun enger Persoun mat enger Demenz ee vum Fleegepersonal um Gank begéint huet.

Elo schéngen duerch d'Restriktiounen vun de Visitten Froen ewéi «Wéi geet et eiser Mam? Ass den Houscht besser? Hutt Dir hir Zänn erëm fonnt? Geet hiren Hörapparat nees?» ënner ze goen. Perséinlech laanscht goen, fir dono ze kucken, ass schwierig. Also muss d'Famill den Aussoe vum Gesondheets- a Fleegepersonal um Telefon vertrauen.

Ëmmer erëm héiert a liest een, dass d'Familljememberen sech net informéiert fillen. D'Personal op hirer Säit huet d'Gefill dem Usproch nëmme schwéier gerecht kënnen ze ginn. D'Fleegewëssenschaft bitt hei Léisungen, an eng dovunner wier, dass d'Infirmière enger fester Kontaktpersoun vun der Famill zu engem festgeluechte Moment vu sech aus urifft.

Ass den Dag vum Betraffenen emol net sou gutt verlaf, mécht d'Famill sech oft an den Owestonne suergen, wéi d'Nuecht wuel wäert ginn. An Etüde beschreiwe si de geplangten Uruff vun enger vertrauter Infirmière um Moien dono als Erlichterung: «Gudde Moien, ech ka mir virstellen, dass Dir iech Suerge gemaach hutt, well Är Mam gëschter mëtten onroueg war. Ech kann lech

awer berouegen! D'Infirmière, déi si gëschter Owend versuergt huet, huet dokumentéiert, dass är Mamm mat engem Orangenblütentéi, wéi si en doheem ëmmer gedronk huet, zur Rou komm ass an eng gutt Nuecht hat. Fir d'Onrou an den Owestonnen ze vermeiden, wäerten mir elo ...». D'Infirmière erkläert wéi d'Equipe der Problematik entgéint wierkt, de Prozess vun der Fleeg gëtt fir d'Famill siichtbar an d'Vertrauen an d'Aarbecht vum Fleegepersonal gëtt gestärkt. Dëst ass méi effektiv, wéi all Ëffentlechkeetscampagne.

Dir denkt vläicht berechteterweis: «Dat hëlt ze vill Zäit, fir all de Leit unzeruffen.» Déi wou se de System getest hunn soen «Nee». D'Infirmière ass jo op dat strukturiert Telefonat virbereet, huet all d'Informatiounen beieneen an d'Kontaktpersoun vun der Famill kritt op hier gesammelt Froen Äntwerten. Äntwerten ewéi «Ech weess et net, ech war gëschter net do» sollten do duerch manner oft virkommen an ongeplangten Uruff vun der Famill bleiwen d'Ausnam. Nierft den heiansdo dach beonrouegenden Aussoen vun de Betraffenen um Telefon kritt d'Famill zousätzlech Informatiounen vun engem Professionellen, deen d'Situatioun oft opkläre kann. Och gi rechtlech Grozone verhënnert, well d'Personal genau weess, wem si Auskunft ginn.

Nierft der Fleeg vum Betraffenen, ass d'Begleitung vun der Famill also e wichtege Deel vun enger professioneller Fleeg. Esou Innovatiounen op den Terrain ze bréngen, ass d'Aufgab vun Fleegeexperten. Eng Infirmière mat Berufserfahrung an engem Master. Mä ech wëll net erëm iwwert d'Infirmièresformatioun schwätzen. D'Zukunft vun der Fleeg läit elo an den Hänn vun de Politiker.

**Anne-Marie HANFF**

Infirmière an Doktorantin  
Presidentin vun der ANIL

# ANIL

ASSOCIATION NATIONALE  
DES INFIRMIÈRES ET  
INFIRMIERS DU LUXEMBOURG



*Find & Like us  
on Facebook*



*Stifting*  
**HËLLEF  
DOHEEM**



### Nos Infirmiers de liaison:

- Garants pour la continuité de la prise en charge entre hôpital et domicile
- Soutien pour le patient / client et sa famille dans le cadre de la réparation du retour à domicile
- Lien entre les équipes hospitalières, le client et les soignants de la Stifting Hëllef Doheem

Contactez-nous, nous sommes à votre disposition:





# Diskussionen zur Impfflicht fir d'Gesondheetspersonal.

## Den Toun mëscht d'Musek!

**A**ls Presidentin vum Beruffsverband vun den Infirmièren an Infirmieren zu Lëtzebuerg (ANIL) well ech e puer Saache kloer stellen. D'ANIL:

- Recommandéiert all de Gesondheetsberuffer souwéi der Gesellschaft d'COVID-Impfung. Et ass déi einfachst Méiglechkeet sech selwer an Anerer vun de Folge vun enger COVID-Infektioun ze schützen
